In Memoriam
FRAITURE Marcel

Plötzlich an onerwaart ass eisen Marcel Fraiture den 13. Mai 2003 aus dem Leewen gerappt ginn. Heen hätt geschwënn säin 68. Gebuertsdaag kënne feieren, mä et waar him leider nick méi vergënnt.
Als Ziichter huet de Marcel 1960 mat Wäiss a Blau Wiener ugefaang , duerno Weissgrannen an die lest Joeren woeren et Russen die seng Ställ besaat haten.
Och an der Gefliggelzuucht woer hien aktif , a séng Kraienköppe waaren die lest 12 Joer op eisen Ausstellungen ze gesinn.
1963 as de Marcel an de Comité komm ,eng gewëss Zäit als Caissier an duerno 20 Joer als Vize-President.
De Marcel waar massgeblich um Opbléien vun eisem Veräin bedeeligt, jo hien woer een vun dën Haaptpiliéen. Et woer de Marcel dee nô dem Doud vum Präsident Grisius 1982 gedriwwen haat fiir datt D'Wéeltzer Klengdéierenziichter sollen viirun bestoen bleiwen. Et ass näischt ginn waat de Marcel erschreckt hot an ëmmer waar heen a Gedanken fiir eiss Aktivitéiten ze verbesseren an ze erweiteren.
An senger Hobbyschreinerei ass dann och esou munscht Stéck entstannen daat hackt am Veräin néidig gebraucht gëtt. De Marcel waar laang Joeren den Organisator vun den Tombola'en an huet sëch 1992 direkt bereet erklärt fiir d'Verantwortung iwert eist Clublokal ze iwwerhuelen .
Bäi allen Manifestatiounen ,woer ët vun eis ,vun der Gemeng oder vun der U.S.A,L., de Marcel woer ëmmer présent.
Mir wärten die schéi Stonnen die mir zusummen verbroacht hun nick vergeessen

Eisen Tour an d'Movie-world 2002

Dem Marcel séng Russen
op der Landesschau.

De Marcel wäerd äiss ëmmer a gudder Erënnerung bleiwen.